N°1121
Entrée le 01.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°1121 vun dem éierbaren Députéierten Marc Goergen**

1. **Wéi vill Déierepensiounen sinn offiziell hei am Land ugemellt?**

   44 Autorisatioune goufe bis elo fir Déierepensiounen ausgestallt.

2. **Wéi vill Dogsitter/Dogwalker sinn offiziell hei am Land ugemellt?**

   Deen engleschen Ausdrock "Dogsitter" gëtt fir Aktivitéite vu Garde vun Hënn benotzt, also fir Hondspensiounen. Et ginn 22 autoriséiert Hondspensiounen hei am Land.
   D'Aktivitéit vum Dogwalking ass een engleschen Terme, dee fir d'Aktivitéit vum Spadséiere goe mat Hënn benotzt gëtt. Déi Aktivitéit ass gesetzlech net gereegelt a muss net autoriséiert oder notifiéiert ginn.

3. ***Die Besitzerin des Bichon sei „voller Panik nach Bettemburg in die Klinik gefahren". Sie habe nach ihrer Hündin gefragt und wollte eine Autopsie ausführen lassen. Die Frau habe mitgeteilt bekommen, das sei nicht möglich, da bereits alles eingeleitet und bezahlt worden sei, um die Hunde einäschern zu lassen. „Ich verstehe nicht, wie das möglich ist", sagt Fuentes. Die vermeintlichen Besitzer der Hunde, zwei Fremde, seien in die Klinik gekommen, lieferten zwei tote Hunde ein und nachher stehe die richtige Besitzerin da und verlange eine Autopsie. Da müsse die Klinik sich doch Fragen stellen.***
   **Wéi eng gesetzlech Dispositiounen existéieren, fir esou Fäll, wéi deen uewe beschriwwenen, ze verhënneren, a wéi eng Strofe stinn hei drop?**

   Déi aktuell Gesetzgebung betreffend d'Veterinärmedizin an den Déiereschutz geséit keng spezifesch Virschrëften oder Strofe fir sou Fäll vir.

Lëtzebuerg, den 26. September 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN